



Et ass gewosst, datt natierlech besonnesch um Niveau vu Latäinamerika an och an deenen anere Länner ganz grouss Problemer bestinn. A mir si jo awer och als Lëtzebuurger Land do ganz aktiv. Mir hunn nach een Zilland a Mëttelamerika, dat ass Nicaragua. Mir hate bis viru Kuerzem nach den El Salvador als Zilland. An do bestinn och weiderhin nach gutt Relatiounen.

Et sinn och vill ONGen - an déi gi jo och besonnesch an deem Accord hei matconsideréiert, wat mer nëmme kënnen ënnersträichen, well där gëtt et jo eng Rei -, déi, wéi gesot, um Niveau vu Latäinamerika, an ech denke besonnesch u Südamerika, ganz aktiv sinn, sief dat am Chile, sief dat a Bolivien oder Peru an esou weider, soudatt dat heiten u sech e Wee ass, wéi een déi Zesummenaarbecht nach ka mat deene Länner verbessern iwwert de Wee dann och, wéi gesot, vun enger Fondatioun, wat mer och nëmme kënnen begrëssen.

An deem Sënn ginn ech dann och den Accord vun der Demokratescher Partei a soen dem Marc Angel natierlech awer och nach e grouse Merci fir seng verschidde Rapporten.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Dann ass et um Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech soen dem Här Rapporteur Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Exzellent!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Als Nächsten ass den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. An och e Merci un den Här Angel fir säin Exposé. Ech mengen, ech wëilt just eng Bemierkung maachen. Mir sinn eis eens, datt dat do e sënnvollen Accord ass an d'ADR dréit en och gär mat.

Mä déi Bemierkung, déi ech wëilt maachen, déi geet zréck op e Rasonnement, dat den Här Angel och a sengem Rapport gemaach huet, wou en eigentlech d'Geschicht retracéiert huet bis 1999. An dat mécht een opmierksam op dat, wat virdru war, an datt mir als Lëtzebuerg eigentlech net genuch Memoire vun eiser ee-gener Diplomatie opzechnen.

Well mir hunn als Lëtzebuerg an de Presidencen an den 80er Joren, Ufank vun den 90er Joren eng Rei vun Initiativ geholl mat Latäinamerika, mat Afrika, déizäit, um Ufank vun der Coopération politique européenne eigentlech, wou mer vun Ufank un als Lëtzebuerg wichteg Initiative geholl hunn, och hei an deser Regioun.

A wann een déi dote Rapporten héiert, da mierkt een, datt déi Memoire net do ass. An ech mengen, d'Konklusioun, déi ee sollt dorauer zéien, ass eppes, wat ech gären den Häre Ministere mat op de Wee ginn: Dat ass einfach, datt mer emol ufänken, seriö och d'Geschicht vun der Lëtzebuurger Diplomatie am Kader vun der europäescher politescher Zesummenaarbecht ze retracéieren an ze dokumentéieren. Well an e puer Joer ass dat alles vergiess a verluer.

An ech mengen, et wier wierklech schued, wa mer net kéinte mat engem objektiven a méiglechst komplette Bléck zréckkucken op dat, wat Lëtzebuerg selwer als klengt Land an deem diplomateschen Effort gelescht huet a wéi mir dozou bäigedroen hunn, datt haut esou Accorde wéi deen heiten iwwerhaupt kënnen entstoen.

**(Interruption par M. Eugène Berger)**

Entschëllegt, wat sot Der, Här Berger?

► **M. Eugène Berger (DP).** - Näischt.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ah, gutt. Ech mengen, dat gesot, Här President, géif ech gären den Accord vun der ADR ginn.

**(Brouhaha)**

Oder den Här Berger huet nach vläicht eng Fro.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ass den Här Berger ageschriwwen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Berger ass och net ageschriwwen. An d'Regierung huet elo d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Merci, Här President. Och hei Merci un de Rapporteur a virun allem och un d'Kommissioun fir d'Ofwécklung vun deem wichtege Projet.

Ech mengen, wat mir virun allem un deem Projet gefält, ass de Renforcement an d'Participatioun vun der Zivilgesellschaft, déi hei mat erakënnt, awer och vun all deenen anere sozialen Akteuren. Dir wësst, datt bei all anere Kooperationsprojeten, déi mir och maachen, dat eng vun eise Schinnen ass: d'Stärkung vun der Zivilgesellschaft an deenen eenzelne Länner.

Den Här Graas huet Nicaragua ugeschwat, dat selwecht ass am El Salvador, wat jo och Länner sinn, déi an der Géigend do leien a wou ee mierkt, datt et äänlech Problematike ginn. An ech mengen, dat ass e wichtege Facteur, deen ee grad och hei ermëfent.

An deem Sënn soen ech Merci fir des Ënnerstëtzung vun deem Projet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7193 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7193 et dispense du second vote constitutionnel**

De Vott huet ugefaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo - kënnst kee méi eran? -

...

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - D'Dier ass zoul!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...ofgeschloss.

De Projet de loi 7193 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marcel Oberweis), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Da ka kee méi erakommen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, mä Procuratiounen.

**(Brouhaha et hilarité)**

Jo, ech mengen, do brauche mer e wëssenschaftlechen Disput.

Ech brauch lech d'Fro jo da bal net ze stellen, ob Der bereet sidd, d'Dispens ze ginn.

**(Brouhaha et assentiment)**

Bal, hat ech gesot.

Also mir froen d'Dispens dann un.

An d'Wuert huet zum nächste Projet, dem Projet de loi 7197, d'Madamm Claudia Dall'Agnol.

■■■■■

**5.7197 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur les privilèges et immunités de la juridiction unifiée du brevet, fait à Bruxelles, le 29 juin 2016**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.** - Jo, Merci, Här President. Dir Häre Ministere, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Damen an Dir Hären alleguerten, de Protokoll iwwert d'Virrechter an d'Immunitéite vun eenheetleche Patentgeriicht a senge Mataarbechter vum 29. Juni 2016 ass u sech d'Ergänzung zu deenen zwee Gesetzter, déi mer iwwert d'EU-Patent hei an der Chamber scho gestëmmt hunn.

An zwar hu mer den 18. Mäerz 2015 hei am Haus e Gesetz gestëmmt, wat eng eenheetlech

Juridictioun fir d'Brevete betrëfft. Den Accord, fir dass de Projet de loi zustane koom, ass den 19. Februar 2013 zu Bréissel ënnerschriwwen ginn, an zwar vu 25 Länner.

A bal genau ee Joer méi spéit, am Abrëll 2016, hu mer dunn de Protokoll guttgeheesch, deen eng provisoresch Applikatioun garantéiere soll vun eben deem Accord.

An haut ass et dann, wéi gesot, um drëtten Projet de loi, deen domadder zesummenhänkt. Vlächent eng kleng Erklärung fir déi, déi sech net méi esou genau drun erënnere kënnen, ëm wat et iwwerhaupt bei deenen zwee Gesetzter gaangen ass, déi mer scho gestëmmt hunn. Déi dräi Gesetzter, déi sinn am Zesummenhang ze gesi mat de laangjäreg Beméiungen an der Europäescher Unioun, fir e Brevet communautaire ze schafen, deen nieft deem klasscheschen europäesche Brevet op Basis vun der Münchener Konventioun sur le Brevet européen vun 1973 bestoe sollt.

Et ass drëms gaangen, fir e Brevet ze schafen, deen net d'Nodeeler vun dem klasscheschen Brevet européen huet. Dee klasschesche Brevet kann een zwar zentral fir verschidde Länner beim Europäesche Patentamt ufroen, mä en entsprécht am Endeffekt nëmmen engem Ensembl vun nationale Breveten.

D'Prozedur, déi ass och relativ deier an och relativ opwenneg, notament duerch déi gefuerdert Iwwersetzungen. An am Fall wou an e puer Länner géint de Brevet verstouss gëtt, musse juristesche Schrëtt an all deene betraffene Länner geholl ginn, wat erëm eng Kéier mat vill Opwand verbonnen ass an domadder natierlech och erëm eng Kéier vill méi deier gëtt.

D'Aarbechten um Brevet communautaire, deen déi grad beschriwwen Nodeeler behiewe soll, si Jorzenge gelaf, bis dunn eben endlech en Duerchbroch gelongen ass an iwwert de Wee vun der Coopération renforcée de Brevet unitaire endlech konnt geschafe ginn.

An et louch dunn op der Hand, dass, wa mer e Brevet à effet unitaire hunn, deen a 26 Länner wirksam ass, da brauch een och eng eenheetlech Geriichtbarkeet derfir. Esou kënnen da Verstéiss géint dee Brevet an enger eenzegger Gerichtsprozedur behandelt ginn an d'Decisiounen vun der Juridictioun, déi sinn dann direkt och wierksam an alle concernéierte Länner.

Dës Juridictioun wäert an Zukunft souwuel zoustänneg si fir Litigé betreffend de Brevet européen à effet unitaire wéi och fir déi klasscheschen europäeschen Breveten. D'Juridictioun besteet aus engem Tribunal de première instance an enger Cour d'appel an engem Greffe, déi hei zu Lëtzebuerg implantéiert wäerte sinn.

Den Tribunal de première instance besteet dann erëm aus enger zentraler Divisioun mat Sëtz zu Paräis a Sektione dann och zu München a London an aus regionalen oder lokalen Divisiounen. Lokal oder regional Divisiounen ginn op Demande vun de State gerënn.

Lëtzebuerg huet net vir, eng lokal Divisioun ze schafen, well et hei praktesch keng Litigen am Zesummenhang mat Brevete gëtt. Dat bedeit konkret, dass am Fall vu Lëtzebuerg dann déi zentral Divisioun an éischter Instanz zoustänneg ass.

An dass dës Geriichtbarkeete kënnen uerdentlech an och mat den néidege Garantie fonctiounéieren, dofir suergt de Projet de loi dann, dee mer no mengem Rapport an der Diskussioun dozou natierlech wäerte stëmmen. An zwar suerge mer derfir, dass d'Geriicht seng Aufgabe kann onofhängeg leeschten, esou wéi dat de rechtsstaatlechen Normen entsprécht, an zwar andeems mer Suerg droen, dass d'Inviolabilitéit vun hire Raimlechkeeten, hiren Archiven an och hiren Dokumenter garantéiert gëtt.

Datselwecht gëllt och fir hir Avoiren, hir Bienen an hir Gelder. A mir garantéieren natierlech och de Memberen Immunitéit während der Ausübung vun hiren Tätigkeeten, zum Beispill an de Reuniounen vun de Kommissiounen, mä awer och, wa se sech mëndlech oder schrëftlech an hirer Tâche äusseren.

D'Geriicht, hir Avoiren an hir Biene sinn och vun allen direkte Steieren entbonnen a se kréien och d'Fräiheet vu Währungsbeschränkungen, déi erfuerderlech si fir hir Tätigkeet.

Wat d'Jugen an de Greffier ubelaangt, esou sinn déi Virrechter an Immunitéite schonn am Protokoll iwwert d'EU-Privilegien an -Immunitéite geregelt, an zwar gëtt dorops am Artikel 8 eng Referenz gemaach. Den Artikel 10 klärt dës Fro fir de Rescht vun Personal an am Artikel 13 steet dann och nach, a wéi enge Fäll dës Virrechter an Immunitéiten net spillen a wéi se och kënnen opgehewe ginn.

Dese Protokoll trëtt a Kraaft 30 Deeg nodeems déi lescht vun de véier Parteien - Däitschland, Frankräich, Lëtzebuerg an d'Vereenegt Kinnekräich - hir Ratifikatiouns-, Akzeptatiouns-, Approbatiouns- oder Baitrëtsurkund deposéiert hunn.

Den Depot vum Projet de loi huet iwwregens den 18.10.2017 eisen Ausseminister gemaach. D'aussepolitesch Kommissioun huet mech dunn als Rapportrice genannt. An eis Aarbechten hunn den 29. Januar an de 5. Februar dozou gefouert, dass mer iwwert de Projet diskutéiert hunn, dass mer natierlech den Avis vun Statsrot gekuckt hunn an dass mer mäi schrëftleche Rapport dunn ugehall hunn.

Op ee Punkt wëll ech nach extra agoen, an dat ass dee vum Vereenegte Kinnekräich. Groussbritannien ass amgaangen, desen Accord ze ratifizéieren, a bis op Weideres si se dann och Member vun deem Accord. Allerdéngs huet den Europäesche Gerichtshaff am Mäerz 2011 an engem Avis iwwert d'Kompas..., d'Kompas... Een, zwee, dräi...!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Compatibilitéit.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.** - Voilà! Den Här Gibéryen huet mer et virgesot.

...vum Accord mat den europäeschen Traitée scho gesot, dass just d'EU-Memberstaten deem Accord wäerte kënnen bätrieden. An do-wéinst ass d'Adhesioun vu Groussbritannien mam Brexit natierlech och nees a Fro gestallt. An dës Fro wäert nieft esou villen aneren am Kader vun deene Verhandlungen mussen nei tranchéiert ginn.

Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, ech hunn elo wäit genuch ausgehall. A vu dass de Conseil d'État a sengem Avis vum 7. November d'lescht Joer keng Objektione gemaach huet, géif ech lech alleguerte Merci soe fir d'Opmierksamkeet. Merci dem Här Gibéryen, dass e mer gehollef huet bei mengem klengen Tuddeler. An ech géif dann natierlech och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun fir dese Projet ginn.

An ech géif lech nach eng Kéier alleguerte Merci soe fir d'Nolauschteren.

**(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Rapportrice. An éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Merci der Rapportrice, déi dat esou exzellent an detailléiert erkläert huet, datt mir eigentlech kee Wuert méi zousätzlech dozou afält. Ech géif hir duerfir och e grouse Merci soen. Ech brénge bien entendu den Accord vu menger Fraktioun.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, och wéinst der Präsenz vum Wirtschaftsminister: Mir schwätzen hei iwwer Breveten. Mir haten elo, Här Wirtschaftsminister, virun enger Rei vun Deeg an der Finanzkommissioun eng gréisser Diskussioun iwwert d'IP-Box. Dir kennt sécherlech de Projet. An déi Froen, déi sech do gestallt hunn, sinn déi vun enger Neischafung vun enger drëtter Kategorie vu sougenannten Droit-intellectuellen, déi d'europäesch Direktiv virgesäit, déi wichteg ass, well Dir wësst dat, et ginn net nëmme Breveten, et ginn och ganz vill Inventionen, déi net zu engem Depot vun engem Brevet féieren, déi awer eng gewësse Valeur duerstellen, notament fir kleng Start-uppen, déi sech hei zu Lëtzebuerg wëllen nidderloossen.

De Problem, dee mer dunn erkläert kritt hunn, ass deen, datt mer awer keng Autorité de certification an och keng Prozedur fir déi dote Kategorie vun Droit-intellectuellen hunn. An duerfir meng Fro, Här Wirtschaftsminister: Sidd Dir derfir, datt an deenen nächste Méint esou eng Autorité de certification bei lech am Ministère de l'Économie geschafe gëtt an och Prozedure gemaach ginn? Well et wär schued, wa mir als EU-Memberland net vun där Direktiv kéinte profitéieren an net déi drëtt Kategorie vun Droit-intellectuelle schafen, well déi notament ganz wichteg si fir Start-uppen.

**(Brouhaha)**

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Ech hätt och nach eng Fro!

**(Hilarité)**

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Da stellt se!

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Eng Question au Gouvernement.





► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Fir de Mister Spock.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also wann Der mer den Optrag gitt, all Kéiers ze intervenéieren, wann et zu Deviatioune kënn, ech si ganz gär do dermat d'accord.

(*Brouhaha*)

Jo?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat si keng Deviatioune! Ech muss wierklech hei soen: Mir hunn hei eng Diskussioun iwwer Breveten. Ech hunn hei de Minister gefrot: Gouf et eng nei Kategorie vu Breveten? Ech mengen, dat ass awer d'Recht vun engem Deputéierten, vun esou enger Debatt ze profitéieren, fir déi dote Fro ze stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Déi hunn ech net contestéiert, Här Mosar.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Da sinn ech be-rouegt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà! (*Interruption*)

An den nächste Riedner ass den Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Ech wëll och fir d'Éischt der Rapportrice Merci soe fir hire ganz ausféierleche Rapport. Et ass och gutt, datt se nach eng Kéier de Rappell vun ganze Kontext gemaach huet. Et ass jo deem drëtte Projet eigentlech am Beräich vun de Brevets communautaires an do ass weider eigentlech guer näischt derzou ze soen.

Mir kënnen dee Rapport an och de Projet de loi natierlech zu 100% ënnerstëtzen. Ech wëll awer och effektiv soen, datt dat, wat den Här Mosar gefrot huet, net ganz aus der Welt läit zu deem Sujet.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Dat muss een agestoen. Ech wëll awer op där anerer Säit och soen als President vun der Cofibu, datt mer iwwert dee Sujet awer en long et en large geschwat hunn.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Awer net mam Här Wirtschaftsminister!

(*Hilarité*)

► **M. Eugène Berger** (DP).- An anscheinend...

► **M. Gusty Graas** (DP).- Mam Innenminister och net!

(*Interruption*)

► **M. Eugène Berger** (DP).- Här President, den Här Mosar weess awer och, datt mir allequerte wëssen, datt dat och an der Ekonomieskommissioun, dat kann den Här Fayot bestätegen, thematiséiert ginn ass an datt do awer eigentlech d'Äntwerte gelliwert gi sinn, datt een dat do net an a puer Wochen aus dem Stee kéint schloen. Dat muss eppes ganz Seriöses sinn an et ass kloer, datt een natierlech vläicht spéider eng Kéier kann un esou eppes denken.

Ech wëll net am Numm vum Wirtschaftsminister äntwerten, mä dat nëmme fir ze soen, datt awer déi Froen do behandelt gi si mat deenen Äntwerten, déi eben dat erkläert hunn, firwat dat net kann direkt sinn.

Dat gesot, kommen ech awer erëm zréck bei d'Madamm Dall'Agnol an hire Projet, deem mer also kënne vollkommen zoustëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Den Här Claude Adam huet d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wollt der Madamm Dall'Agnol Merci soe fir hiren ausféierleche mëndleche Rapport a fir hire schrëftleche Rapport. An ech hu weder eng Fro un den Här Wirtschaftsminister nach un den Här Vizepremier nach un den Här Sozialminister an un de Kooperationsminister. An ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann ass et um Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e Merci un d'Madamm Dall'Agnol. Well et elo hei an deem Gesetz just ëm Privilegien an Immunitéite geet, gi mir gär eisen Accord.

Et kann een net genuch betounen, wéi wichteg déi Privilegien an Immunitéite sinn, datt

gewësse Kategorië vu Leit kënnen an Onofhängegkeet an an Objektivitéit hir Aarbecht erfëllen, ob dat am Kader vun internationale Juridictionen ass oder och zum Beispill am Kader vu Parlamenten, wou d'Deputéiert jo och mussen an aller Onofhängegkeet a Fräiheet kënnen hir Aarbecht maachen. Dofir och vun eiser Säit aus ganz gär den Accord.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An dann huet d'Regierung d'Wuert.

**Prises de position du Gouvernement**

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Jo, Merci, Här President, fir kënnen och op dese Projet anzegeen. Fir d'Éischt och vu menger Säit e Merci un d'Rapportrice, souwuel fir dee schrëftlechen, mä virun allem dee mëndleche Rapport, wou ech immens impressionéiert war iwwert déi fachmännesch Kompetenz hei, déi se an deem Sujet eriwuerbruecht huet, dee se och ganz einfach erkläert huet. Dat ass schonn impressionnant. Dofir: Felicitatiounen fir dese flotte Rapport!

An ech mengen, et ass richtig, datt grad an deem Rapport hei, et geet iwwer Privilegien, iwwer Immunitéiten, wat e ganz wichteg an noutwendeg Element ass am onofhängege Fonctionnement ganz einfach vun deser neier Institution.

Op där anerer Säit, mengen ech, ass et jo esou, datt dat heizen e Protokoll ass, dee ganz en ligne ass mat existéierende Protokolle fir international Organisationen, soudatt mer also och hei en ligne sinn. An et ass gutt a wichteg, datt zu deem Moment, wou jo och de Statsrot den Accord ginn huet, derniewent och all d'Consultatiounen, d'Administration de l'enregistrement hiren Accord dozou ginn huet, dese Projet de Mëtteg gestëmmt gëtt. Dofir Merci fir den Appui vun der Rapportrice, awer och vun där ganzer Kommissioun, ier ech dann d'Wuert un de Wirtschaftsminister ginn - wann ech dat där, Här President? -,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- ...fir iwwer eben dee ganze Volet vun der IP-Box ze schwätzen. Wann et elo ëm Brevets sportifs gaange wier, dann hätt ech als Sportsminister geäntwert, mä ech hu gemierkt, et geet ëm aner Breveten.

Här Mosar, dofir ginn ech d'Wuert da virun un de Wirtschaftsminister, deen op d'IP-Box kann äntworten. Här Wirtschaftsminister!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Wirtschaftsminister!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Fir dem Här Mosar dann op seng Fro ze äntworten: Ech mengen, dass dat schonn eng interessant Saach wär, dass mer dat dote sollte maachen. Et ass awer och esou, wéi den Här Eugène Berger gesot huet, dass een esou eng Autoritéit net vun haut op muer aus dem Stee klappt, dass dat also elo enk gëtt, fir dat nach hei virun de Wahlen ze maachen.

Ech wäert him awer versprechen, dass ech dat an der nächster Legislaturperiod da wäert ëmsetzen.

(*Hilarité*)

A falls eieren de Wieler mer déi Chance net sollt ginn, da wäert ech lech drun erënnern, et da selwer ze maachen.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7197 iwwergeen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7197 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

Mir hunn Unanimitéit: De Projet de loi 7197 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Shank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens unzefroen?

(**Assentiment**)

Jo? Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen dann zum nächste Projet iwwergeen, de Projet de loi 7178, en Accord tëschent der Belsch, Frankräich, Holland a Lëtzebuerg iwwer eng Kooperatioun am Beräich vun der Loftverdeedegung géint net militäreschen Menacen. A wéi mer dat schonn de Mëtteg gewinnt sinn, ass de Rapporteur den Här Marc Angel.

## 6. 7178 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Royaume de Belgique, le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement de la République française et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas relatif à la coopération en matière de défense aérienne contre les menaces aériennes non militaires, fait à Bruxelles, le 16 février 2017

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, de Schutz vum Loftraum vun onsem Land besteet aus zwee Voleten: éischtens, de Schutz am Fall vun enger militärescher Menace, an zweetens, de Schutz am Fall vun enger Attack vun engem ziville Fliger oder Fluchkieper, an domadder sinn d'Dronen och abegraff.

Mir befannen eis also hei bei deem Accord tëschent den dräi Beneluxlänner a Frankräich am Kader vun der Verdeedegung géint déi asymmetreschen Menacen.

Ech mengen, ech huelen eng Schlupp Waasser, da geet et besser.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Wat déi militäreschen Menacen ubelaangt an de Schutz vun eisem Loftraum an deem Kader, wäert sech guer näischt änneren; dat hu mer als Lëtzebuerg der NATO delegéiert an et sinn och do an deem Kader ons belsch Noperen, déi d'Integritéit vun onsem Loftraum sécheren. Allerdéngs, Incidenten, déi en ziville Fliger concernéieren, zum Beispill bei enger feindlecher Iwwernam vun engem ziville Fliger, fir eng Attack ze perpetréieren, déi si vun där Kooperatioun net beträff. An am Fall vun esou enger Entféierung zum Beispill vun engem ziville Fliger läit all Decisioun betreffend dese Fliger bei den nationalen Autoritéiten, déi responsible si fir hire Loftraum.

A vu dass mir hei am Land keng Air Force hunn, ass et wichteg, eng Äntwert op esou Menacen ze hunn, andeems mer mat de Partnerlänner zesummeschaffen. Den 12. Juli 2016 hate mer en äänlechen Accord hei an der Chamber, dat war de Projet de loi Renegade, dat war dat nämlecht am Kader mat eisen zwee Beneluxpartner.

Haut ass et en Accord zu véier mat Frankräich, an et ass och schonn en aneren an der Ausaarbechtung: ee Benelux mat Däitschland. A genau wéi beim Accord Benelux-Renegade geet et hei also drëm, fir d'Interventiounscapacitäten ze verbesseren a fir och den Echange vun den Informatiounen ze facilitéieren.

Dësen Accord erlaabt et also de Partner am Kader vun enger Suspicioun vun enger Menace aérienne, fir an de Loftraum vun deem anere Partner eranzefléien, fir déi taktesch Aktiounen, déi am Accord awer genau deklinéiert sinn, auszeüben. Ganz konkret: Dësen Accord erlaabt et zum Beispill engem franséische Fliger, an de belschen oder an de lëtzebuergesche Loftraum am Fall vun enger Verfolgung eranzekommen. An dat géllt och ëmgedrëit. Vu dass Holland keng gemeinsam Grenz mat Frankräich huet, därfe den franséisch Fligeren am

Fall vun engem Renegade net an den holländeschen Loftraum eran.

Et ginn also zwee Ënnerscheeder zu deem Accord Renegade:

Éischtens, den Term „Renegade“ gëtt vun de Fransousen net benotzt. Si huelen do d'franséisch Wuert „menace aérienne non militaire“, an déi Expressioun, dat inklueiert expressement och d'Dronen. Am Accord Benelux sinn déi implizitt beinhaltet, well do iwwer „civil air platform“ geschwat gëtt.

Eng zweet awer méi grouss Differenz ass, wat d'Panoplie vun den takteschen Moossnamen ugeet, déi ee kann huele fir esou e Fliger, wann e géif en entfëierte Fliger warnen, dass e verfollegt gëtt. Dir wësst jo, a béiden Accorden där, zu Lëtzebuerg déi sougenannte Force létale net gebraucht ginn, well dat géint eis Verfassung géif verstoussen. An den Accord Benelux mat Frankräich, dee geet nach doriwwer eraus an och déi „tirs de semonce en rafale avec le canon mitrailleur“, wéi dee Renegade-Accord et virgesäit, déi sinn an deem Accord net erlaabt. Do där, ee just „tirs de semonce au moyen de leurs infrarouges“.

Dir entschëllegt mech, wann ech déi technesch Ausdréck do net op Lëtzebuergesch iwwersat hunn, dat wär praktesch onméiglech gewiescht.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 21. November 2017 datselwecht rappéléiert, wéi scho beim Projet de loi Renegade a bei engem anere Projet de loi, wou mer en Accord de coopération am militäreschen Domän tëschent Lëtzebuerg an der Belsch ofgeschloss hunn. Déi Accorden, déi hunn och all, genau wéi dësen, virgesinn, dass mer Arrangement-techniquen maachen. An do seet de Statsrot, dass déi technesch Arrangementer missten am Journal officiel publizéiert ginn, esou wéi den Artikel 37 vun eiser Verfassung dat virgesi géif.

Déi Exigenz stellt fir eis awer e Problem duer, well et ka jo sinn, et ginn esou technesch Arrangementer, déi och e confidentielle Charakter kéinten hunn. Mir hunn déi Fro 2016 wierklech en long et en large am Kader vun deenen zwee viregte Projeten diskutéiert a mir haten als Kommissioun, als Chamber och en Avis juridique ugefrot, dee mer och kritt hunn. An déi Äntwert vun deem Juridique huet eis eng Äntwert ginn op déi Suerg vum Statsrot.

A mengem schrëftlechen Bericht kënn Der op der Säit 5 eng ganz Säit iwwert déi doten Ausféierungen nolliesen, wann dat lech interesséiert. Ech wëll lech elo dat alles hei erspueren a ginn domadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dese Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolasschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Marc Angel. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Fir d'Alleréisch dem Marc Angel e Merci fir säi schrëftlechen a säi mëndlechen Rapport. Ech mengen, et ass net vill ze soen. D'Renegade-Gesetz, dat mer virun e puer Méint hei gestëmmt hunn, huet der Tatsaach, dass mer e gemeinsame Loftraum hunn am Benelux, e Cadre juridique ginn ebe fir net militäreschen Ugrëff.

Deemools hu mer d'Fro opgeworf, wat geschitt, wann ee Fliger aus Frankräich kënnt respektiv aus Däitschland. Haut kréie mer d'Äntwert, wéi mer zesummeschaffen, wann esou eng Menace aus Frankräich kënn. An ech huelen un, an den nächste Méint wäerte mer och d'Äntwert dorobber kréien, wat geschitt, wann déi aus Däitschland eriwuerkënn, well dat Ganzt mécht nëmmen e Sënn, wa se all am Boot sëtzen, an dat kréie mer jo lues a lues.

Duerfir kann et net anescht sinn, wéi dass d'CSV dese Projet de loi wäert stëmmen. Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Halsdorf. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Merci, Madamm Presidentin. U sech féiere mer jo haut eng Fortsetzung vun der Diskussioun, déi mer den 12. Juli 2016 iwwert de Renegade haten, obwuel mer deen Numm jo an deem Projet de loi net méi solle gebrauchen. Mä u sech geet et awer ëm deeselwechen Prinzip.

Et erkennt een awer och hei direkt erëm, datt et wichteg ass, datt esou e klengt Land wéi Lëtzebuerg gutt international Verbindungen huet. Ech mengen, mir hunn, wéi virdru scho richtig hei gesot ginn ass, net d'Méiglechekeet, eise Loftraum selwer ze schützen, duerfir si mer op d'Ënnerstëtzung vun anere gréissere Länner